



**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 5255 vum 18. November 2021 vun den honorabelen Deputéierte Max Hahn an André Bauler**

Déi honorabel Deputéiert stellen d'Fro iwwert d'Campagne "Gitt siichtbar".

Wéi ëmmer, wann déi méi däischer Joreszäit um Enn vum Joer virun der Dier steet, ass et wichteg d'Leit dorunner ze erënneren, wéi wichteg et fir hier eege Sécherheet ass, fir sech virsiichteg am Stroosseverkéier ze bewegen, a virun allem fir Foussgänger a Vëlosfuerer wéi wichteg et ass fir hell an am beschte reflektéierend Kleedung un ze doe fir besser gesinn ze ginn.

An deene leschte Joren ass dofir och ëmmer eng Sensibiliséierungscampagne geschallt ginn zu deem Sujet mam Titel "Gitt siichtbar".

Och dëst Joer soll op dëse wichtege Sujet opmierksam gemat ginn. Dofir gött dës Thematik dann och an der aktueller Sensibiliséierungscampagne "La belle action – Déi schéin Aktioun" déi säit dem 26. November leeft thematiséiert.

Iwwert d'Joer verdeelt organiséiert d'Police ausserdem reegelméisseg Campagnen, fir d'Verkéierssécherheet ze verbessern, an domat natierlech och déi vun de vulnerabelen Usageren.

Och dëst Joer huet d'Police an dem Zesammenhang spezifesch Campagnen op hirer Agenda stoen. Dat geet traditionell schonn am Kader vum Schoulufank un, wou d'Police dëst Joer ënnert anerem ronn 7.500 Sécherheitsvesten an de Schoulen un d'Kanner vum Cycle 2.1. verdeelt huet. Déi Campagne huet bis den 1. Oktober gedauert.

Wann d'Deeg méi kuerz gi steet zousätzlech d'Visibilitéit am Fokus, an dat ass d'Visibilitéit vun all den Usageren. Dëst Joer leeft d'Campagne „Wanterzäit 2021“ vum 18. Oktober bis den 31. Dezember. Während dëser Campagne mécht d'Police net nëmmen op d'Visibilitéit vun de vulnerabelen Usagere opmierksam, mee och op aner Sujeten, wéi de gudden techneschen Zoustand vun de Gefierer, besonnesch vun de Pneuen an de Luuchten. Des Sujete ginn ënnert anerem och op de soziale Medie vun der Police thematiséiert.

D'Police huet dee Sujet also ëmmer am A, thematiséiert e konstant, kommunizéiert doriwwer a mécht natierlech och déi entspreechend Kontrollen.

Lëtzebuerg, de 17/12/2021

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch